PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/01/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Verdeedegung weiderzeleeden.

Nodeems an de leschten Deeg Rakéite vum iraneschen Territorium aus fortgeschoss goufen, huet d'US Federal Aviation Administration ugekënnegt, dass bis op Weideres keng amerikanesch Cargofligere méi dierfen iwwert den iraneschen an irakesche Loftraum fléien.

Och d'Cargolux ass geschäftsméisseg am iraneschen an irakesche Loftraum ënnerwee.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wäert de Minister, änlech wéi d'USA, bis op Weideres een Iwwerfluchverbuet fir zu Lëtzebuerg registréiert Cargofligeren am Iran an am Irak ausspriechen?
2. Wéi begrënnt de Minister seng Entscheedung?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député